N°10
Entrée le 12.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°10 vum 8. November 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Bei wéi villen Generalisten ass de Programm fir de Paiement immédiat direct bis elo installéiert ginn?*

Zu dësem Zäitpunkt, sinn eng 15 Generaliste mam System vum Paiement immédiat direkt equipéiert.

*2. Wéi vill Prozent vun alle Generalisten hei am Land sinn antëscht mat dem Programm ekipéiert ginn?*

Am Joer 2022 si 523 Generaliste bei der Gesondheetskeess konventionéiert déi eng bedeitend Aktivitéit hunn. Dat heescht datt aktuell 3 % ekipéiert sinn.

*3. Wéini ka mat enger Installatioun bei den Zänndokteren an anere Spezialisten ugefaange ginn? (en attente input CNS)*

D'Aféierung vum Paiement immédiat direct bei den Zänndokteren an aner Spezialisatiounen ass virgesinn am Laf vum éischten Trimester 2024.

4*. Fir wéi ee Montant goufe bis elo déi fir d'Installatioun proposéierte finanziell Ureizer un Dokteren ausbezuelt?*

Als éischt ass ze präziséieren, dass déi direkt finanziell Ureizer fir d 'Installatioun vum Paiement immédiat direkt, net un Dokteren ausbezuelt ginn, mee un d'Softwarehiersteller, déi dësen Developpement an hirem System integréieren, an dono beim Dokter am Cabinet, pro Aarbechtsplaz installéieren. Am Kader vum Paiement immédiat direkt ass bis dato nach keen eenzege finanziellen Ureiz ausbezuelt ginn, well déi éischt Installatioune réischt viru kuerzem realiséiert goufen.

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2023

D'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez